

RTL 25.09.2017

Gemengesyndikat Pro-SudDan Biancalana: "Mir probéieren e Sproochrouer ze sinn"

De Gemengesyndikat Pro-Sud zitt de Bilan vun deenen 3 leschte Joren a vu senger neier Strategie ganz am Sënn vun de Bierger aus de Süd-Gemengen.



De Gemengesyndikat Pro-Sud hätt dräi gutt gefëllte Joren hannert sech, sot de President Dan Biancalana um Méindeg géintwuer vun der Presse. Mat senger Nominatioun als President am Joer 2014 hätt Pro-Sud sech eng nei Strategie ginn, fir d'Südregioun a Saachen Nohaltegkeet, Mobilitéit, Educatioun a Logement no vir ze bréngen.

Fir dëst Zil z'erechen, wär de Syndikat och eng Konventioun mam Nohaltegkeetsministère agaangen. De Staat ënnerstëtzt Pro-Sud den Ament mat 300.000 Euro d'Joer. 500.000 Euro wärem viséiert. E puer Problemer gouf et an der Vergaangenheet awer bei de Membere vum Syndikat. D'Lescht Joer wollt zum Beispill d'Gemeng Käl hire Vetrieder net méi op d'Veersammlunge vu Pro-Sud schécken. Differenze wärem bei 11 Memberen awer ganz normal, seet den President Dan Biancalana.

"An deenen 11 Gemengen si méi grouss a méi kleng Gemengen, wou d'Prioritéiten an d'Schwéierpunkten aneschters gelagert sinn. Mir probéieren als Sproochrouer vun der Regioun opzotrieden, well wann e gemeinsam optriet, huet e méi Gewicht", sou den Dan Biancalana. Et géif beim Pro-Sud dorëms goen, dass d'Gemenge géigesäiteg vunenee léieren. E gemeinsam Optriede wär och a Saache Kultur wichteg. D'Gemeng Esch kandidéiert jo, fir Kulturhauptstad 2022 ze ginn. Ma do kéint d'ganz Regioun eng Hand mat upaken an och selwer profitéieren.